



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 6314 vum 8. Juni 2022 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen

1) Wéi oft huet d'Police an deenen leschten 2 Joer op den Autobunnen d'Slalom fuere vu Motoen kontrolléiert?

D'Autobunnspolice (UPR) huet an deene leschten 2 Joer op deenen a Fro kommende Strecken ronn 7500 Verkéierskontrollen am Kader vun der allgemenger Verkéierssécherheet gemaach. Natierlech war och dat korrekt Verhale vun den Motocyclisten an deenen eenzelne Situatiounen Bestanddeel vun deene Kontrollen.

2) Wéi vill Protokoller goufen dobäi erstellt?

D'Police ass duerch d'Gesetz verpflichtet, all Infraktiounen a Strofdoten déi se feststellt ze aktéieren. Dëst geschitt entweder duerch e Protokoll oder en Avertissement Taxé. Och bei deenen vir erwäante Kontrollen si reegelméisseg Motorradsfuerer verbaliséiert ginn, well se géint de Code de la Route verstouss hunn.

De Fait mam Motorrad op der Autobunn Slalom tëscht den Autoen ze fuere ass net als solchen am Catalogue des avertissements taxés spezifizéiert. Jee nodeems, wéi dës Infraktioun begaange gëtt (permanent d'Spuer wiesselen, duerch d'Mëtt fuere, riets iwwerhuelen, asw.), komme verschidden Artikelen/Referenzen a Fro.

An deene leschten 2 Joer kruten 317 Motorradsfuerer wéinst engem vun deenen Infraktiounscoden, déi hefir a Fro kommen, en Avertissement taxé ausgestallt.

Ofschléissend sief nach erwäant, dat den Mobilitéitsministère aktuell analyséiert, ob et méiglech wier, de Code de la Route an deem Sënn ze aktualiséieren, fir de Motorradsfuerer ënnert bestëmmte Bedingungen ze erlaben, am Stau laanscht Autoen ze fuere.

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Den Minister fir bannezeg Sécherheet

(s.) Henri KOX